

ALESPS



Association Luxembourgeoise des Etudiant·
e·s en Sciences Politiques et Sociétales

Guide

Versioun
2026



Association Luxembourgeoise des Etudiant·
ers en Sciences Politiques et Sociétales

Inhaltsverzeichnis

1. Vierwuert	3
2. Virstellung ALESPS	4
3. Allgemeng Studien Hëllef	6
4. Partner	7
5. Politikwëssenschaft	8
6. Soziologie	12
7. Medien- & Kommunikatiounswëssenschaften	16
8. Journalismus	22
9. Interdisziplinär Studien	27
10. Stagen	34



1. Virwuert

Wëllkomm bei Ärer Studiewiel!

Dës Publikatioun ass fir Iech gemaach – egal ob Dir nach um Lycée sidd a Iech d'Fro stellt "Wat soll ech studéieren?", ob Dir am Bachelor sidd an Iech frot "Passt mäi Studium wierklech zu mir?" oder ob Dir schonn iwwerleet "Wéi e Master soll ech maachen?"

Schwierige Studienwahl?



D'Wiel vun engem Studiefach oder engem Studiegang ass eng grouss Entscheidung – an et ass ganz normal wann een sech onsécher fillt. Et ginn esou vill Méiglechkeeten, esou vill Froen, an dacks ass et schwéier sech duerch all Infoamtiounen duerch ze wullen. Dofir hunn mir dës Publikatioun zesummegeallt: fir Iech praktesch Informatiounen, kloer Iwwerblécker an konkret Rotschléi ze ginn. Mir stellen Iech verschidden Studiefächer a Studiegäng vir – vun der Politikwëssenschaft iwwer d'Soziologie bis zum Journalismus an interdisziplinäre Studien. Dir gitt gewuer wat dës Fächer sinn, wat een domadder schaffe kann, wéi Stagen ausgesinn, an wéi een sech weider informéiere kann.

Egal op wéi engem Punkt an Ärem Studiewee Dir sidd – ob um Ufank vun der Orientéierung, mëtten an enger Reorientéierung, oder kuerz virun der Masterswiel – mir hoffen datt dës Publikatioun Iech hëlleft eng informéiert Entscheidung ze huelen déi zu Iech passt.

Äert Wee ass individuell – dës Publikatioun soll Iech dobäi begleeten.

Vill Succès bei Ärer Studienwiel !



2. Virstellung ALESPS



D'Association Luxembourgeoise des Étudiant.e.s en Sciences Politiques et Sociétales (ALESPS) huet sech d'Zil gesat, als zentral Uspriechorganisatioun fir Studentinnen a Studenten aus den Beräicher Politik-, Sozial-, Kommunikatiouns- a Gesellschaftswëssenschaften, Journalismus souwéi verbonnen transdisziplinär Studien ze etabléieren. D'Zil vun der Associatioun ass et, d'Interesse vun de Studentinnen a Studenten ze verrieden, si iwwer wichteg Entwécklungen an hirem Studium ze informéieren an eng Plattform ze bidden, wou si sech ënnereneen austausche kënnen.

Nieft dëser Roll engagéiert sech ALESPS och dofir, Schülerinnen a Schüler, déi sech fir e Studium an de Beräicher Politik-, Sozial-, Kommunikatiouns- a Gesellschaftswëssenschaften, Journalismus souwéi verbonnen transdisziplinär Studien intresséieren, mat nützlechen Informatiounen a Rot an Dot z'ënnerstëtzen.

Zesumme mam Zil, eng Gemeinschaft vu Studentinnen, Studenten a Jonken ze fërderen, setzt sech ALESPS och fir d'Promotioun vu politeschem a gesellschaftlechem Engagement an. Duerch Konferenzen, Diskussiounsronnen an aner Eventer wëll d'Associatioun d'Bewosstsi fir d'Relevanz vu politeschen a gesellschaftleche Sujete stäerken.



Op dës Manéier positionéiert sech d'ALESPS als a.s.b.l tëscht de Studentinnen a Studenten, de Schülerinnen a Schüler an der politescher an akademescher Welt, an als Motor fir en oppene Gedanken- an Informatiouns Austausch.

D'ALESPS ass eng Memberorganisatioun vun der Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL). Dat bedeit, datt d'ALESPS a engem enke Kontakt mat anere Studentecercle steet an d'Doléancë vun de Student:innen aus eisem Beräich un d'ACEL weidergëtt, fir datt dës se op engem méi grouse gesellschaftleche Plang vertrieede kann.

Kontakt

 Website: alesps.lu

 E-mail: contact@alesps.lu

 WhatsApp-Grupp: [ALESPS-Grupp](#)

 [alesps.lu](#)

 [ALESPS](#)

 [ALESPS.lu](#)



3. Allgemeng Studien Hëllef

Bei Allgemenge Froen zu dem Studéieren an dem Studistart déi sech net explizit fachspezifesch Froen zu Politik-, Sozial-, Kommunikatiouns- a Gesellschaftswëssenschaften, Journalismus souwéi verbonnen transdisziplinär Studien ze etabléieren verweise mer hei kuerz op ausféierlech an hëllefträich Publikatiounen vun der Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (<https://acel.lu/>), vun der Chambre des Salariés ([CSL.lu](https://csl.lu/)), a vum Heischschoulministère ([MengStudien.lu](https://mengstudien.lu/)).



Eng vun den emfangräichsten Publikatiounen zu dem Studéieren ass De Studenteguide vun der ACEL. Dës Publikatioun ass op der ACEL Websäit am Beräich vun der Publikatiounen disponibel: <https://acel.lu/publikatiounen/>. Zousätzlech gett et säit kuerzem och eng eegen Webäit fir des Informatiounen: <https://studenteguide.lu/>



D'CSL schafft engk zesummen mat der ACEL wat d'Informéieren iwwer d'Konditounen vu Stagen an Jobs ugeet: <https://www.csl.lu/de/ihre-rechte/jugendliche-und-junge-arbeitnehmer/praktikum-fuer-schueler-studenten/>



Eng weider nätzlech Quell ass d'Websäit vum Heischschoulministère: <https://mengstudien.public.lu/de.html>. Dës Websäit ass och ausserdem praktesch wëll een do Kontakter vun Uspriechspersounen vun dem Ministère fënnt déi een individuell berooden kënnen je no Sujet.



4. Partner

Presentatioun vun eise Partner





5. Politikwëssenschaft



Bild-Quell: CHD

5.1. Politikwëssenschaft als Fach

Politik ass d'Hierstelle vu verbindlechen Entscheedunge fir eng Gemeinschaft. Politik huet dräi verschidden Dimensiounen, déi am beschten op Englesch ausgedreck kennen ginn wëll et do fir déi dräi Dimensiounen enerschittlech Begreffer gëtt. Déi éischte Dimensioun ass Polity, dat sinn d'institutionnell Rummebedingungen wéi rechtlech Strukturen, Verfassungen an de Staatsopbau, also ob e Land föderalistesch oder zentralistesch organiséiert ass. Déi zweet Dimensioun ass Politics, dat heescht déi politesch Entscheidungsprozesser an d'Akteurskonstellatiounen, also wéi d'Interessen vermëttelt a duerchgesat ginn. An déi drëtt Dimensioun ass Policy, dat sinn d'Inhalter vu politeschen Entscheedungen an déi politesch Bearbechtungsformen, also d'Instrumenter a Wierkunge vum politesche Handeln. Politikwëssenschaft ass d'Wëssenschaft déi sech mat der Analyse an der Erforschung vu dësen dräi Dimensiounen befasst. D'Politikwëssenschaft versicht ze verstoen wéi Muecht an enger Gesellschaft verdeelt ass, wéi verschidden Interessen duerchgesat ginn, a wéi verbindlech Regele fir d'Gemeinschaft entstinn an ëmgesat ginn



5.2. Wat kann een domat schaffen?

Mat engem Studium a Politikwëssenschaft stinn dir vill verschidde Berufsfelder op. D'Politikwëssenschaft preparéiert een net fir een spezifesche Beruff, mee vermëttelt analytesch Kompetenzen, d'Fäegkeet komplex Zesammenhäng ze verstoen, a Wëssen iwwer politesch Systemer a Prozesser, wat a ville Beräicher gebraucht gëtt. Anescht ausgedréckt léiert een sech an all Thema vun enger Gesellschaft eran schaffen ze kennen an dat am politischen System zesumme bréngen ze kennen.

Politik

Een typesche Beräich ass d'Politik selwer, wou Leit mat engem Politikwëssenschaft Studium als Mataarbechter:innen vu Politiker:innen oder Parteien oder als politesch Beroder:innen schaffen kënnen.

Verwaltung

Vill schaffen och an der öffentlecher Verwaltung, bei Ministären, Gemengen, europäeschen oder internationalen Institutiounen.

Journalismus

Duerch d'Analyse- a Recherchefäegkeeten déi een am Studium léiert, ass och de Journalismus e relevante Beräich an deem een mat engem Politikwëssenschafts Studium Fous faase kann.

International Organisatiounen, NGOs a Think Tanks

International Organisatiounen, NGOs a Think Tanks siche regelméisseg Leit mat engem politikwëssenschaftlechen Hannergrond, well dës Leit politesch Zesammenhäng international verstinn a komplex Problemer analyséiere kënnen.



Entwécklungszesummenaarbecht

Och am Beräich vun der Entwécklungszesummenaarbecht oder bei Mënscherechtsorganisatiounen ginn et Méiglechkeeten.

Privatwirtschaft & Berodung

An der Privatwirtschaft ginn et och Plazen, besonnesch am Beräich vun der Ënnernehmenskommunikatioun, Public Affairs, Lobbying oder Corporate Social Responsibility. Firmen déi mat Regierungen oder öffentleche Verwaltungen schaffen, brauchen Leit déi politesch Prozesser verstinn. Och Berodungsfirme stellen Politikwëssenschaftler un, well hir analytesch Fäegkeeten geschat ginn.

Recherche

Natierlech kann een och an der Recherche an Léier bleiwen, un Universitëiten oder Fuerschungsinstituter schaffen, wou een politesch Themen ënnersicht a jonk Studenten ausbildt. Vill Politikwëssenschaftler:innen schaffen och bei Meenungsforschungsinstituter oder Thinktanks, wou se Studien iwwer politesch Entwécklungen, Wahlverhalten oder gesellschaftlech Trends maachen.



5.3. Introduktions-Literatur für Politikwissenschaft

Op Däitsch

Hartmann, J., & Sanders, L. (2013). *Literaturkompass Politikwissenschaft: Einführung in die politikwissenschaftliche Literatur*. Springer Fachmedien Wiesbaden.

<https://doi.org/10.1007/978-3-658-00163-6>

Kevenhörster, P. (Ed.). (2008). *Politikwissenschaft* (3rd edn). VS Verlag für Sozialwissenschaften. <https://doi.org/10.1007/978-3-531-90822-9>

Lauth, H.-J., & Wagner, C. (Eds.). (2020). *Politikwissenschaft: Eine Einführung* (10th edn). utb GmbH. <https://doi.org/10.36198/9783838554129>

Nohlen, D., & Schultze, R.-O. (Eds.). (2019). *Lexikon der Politikwissenschaft: Theorien, Methoden, Begriffe. Band 2: N - Z* (5. Auflage, Originalausgabe). C.H. Beck.

Op Franséisch

Chagnollaude de Sabouret, D. (2024). *Introduction à la science politique: Éléments de sociologie politique* (9e éd., 2024). Lefebvre Dalloz-Dalloz.

Crettiez, X., Maillard, J. de, Hassenteufel, P., Braconnier, C., & Boyadjan, P. (2018). *Introduction à la science politique: Cours, exercices corrigés*. Armand Colin.

Denquin, J.-M. (2023). *Introduction à la science politique* (4e éd). Hachette supérieur.

Hermet, G., Badie, B., Birnbaum, P., & Braud, P. (2015). *Dictionnaire de la science politique et des institutions*

Op Engelsch

Goodin, R. E., & Klingemann, H.-D. (Eds.). (2010). *A new handbook of political science*. Oxford Univ. Press.

Heywood, A., & Laing, M. (2025). *Politics* (Sixth edition). Bloomsbury Academic.

Marsh, D., & Stoker, G. (Eds.). (2002). *Theory and methods in political science* (2nd ed). Palgrave Macmillan.

Roskin, M., Cord, R. L., Medeiros, J. A., & Jones, W. S. (2017). *Political science: An introduction* (Fourteenth edition, global edition). Pearson



6. Soziologie




Bild-Quell: Wikipedia

6.1. Soziologie als Fach

D'Soziologie ass déi zentral Sozialwëssenschaft déi sech mat der Gesellschaft als Ganzt beschäftigt. Hir eng zentral Fro ass: Wéi ass sozial Uerdnung méiglech? Also wéi packen et Mënschen zesummen ze liewen, Regeln ze schaafe an ze respektéieren, Institutionen ze organiséieren, a sozial Stabilitéit ze erhalen, awer och wéi a firwat a wéi Gesellschaften sech veränneren. D'Soziologie beschäftigt sech mat soziale Strukturen wéi Klassen, Schichten, Milieue, soziale Ongläichheeten, mat sozialen Institutionen wéi Famill, Schoul, Relioun, Staat, Wirtschaft, mat soziale Prozesser wéi Sozialisatioun, soziale Wandel, Modernisatioun, Globaliséierung, mat sozialem Verhalen wéi Interaktiounen, Normen, Wäerter, Identitéiten, mat sozialen Uerdnungen wéi generational Uerdnungen (Generatiounen), Geschlechteruerdenungen (Gender), national Uerdnungen (Natiounsbewosstsinn), rechtlech Uerdnungen (Rechtssystemer), an Wohlfahrtsstaatsuerdenungen (Sozialsystemer).

6.2. Wat kann een domat schaffen?

E Soziologiestudium bitt vill méi Berufsperspektiven wéi d'Léit dacks denken. D'Soziologie léiert een kritesch an analytesch ze denken, sozial Zesummenhäng ze verstoen, empiresch ze fuerschen, Daten ze analyséieren, a komplizéiert Saache verständlech ze erklären. Dës Kompetenzen si a villen Beräicher gefroot.



E Soziologiestudium bitt vill Flexibilitéit, mee een muss oft selwer aktiv sinn fir säi Profil ze schäerfen. Et ass recommandéiert fréi Stagen ze maachen an Erfahrung a verschiddene Beräicher ze sammeln. Zousätzlech Qualifikatiounen wéi statistesch Softwarekompetenzen (SPSS, R, Stata), Sproochekenntnisser oder spezifesch Formatiounen kënnen d'Berufsméiglechkeeten erweideren. Networking ass och wichteg – Kontakter a Berufswelt opbauen hëlleft enorm.

Recherche

An der Fuerschung kann een un Universitëiten, Fuerschungsinstituter oder Think Tanks schaffen, wou een zu ville gesellschaftlechen Themen an ennreschtilltenchen Projeten fuerchen kann.

Enseignement

Mat engem Soziologie Studium kann een Enseignant am Secondaire ginn fir z. B. d'Spektioun G am enseignement classique oder d'Spektioun SO am enseignement général. Soss wann een am Akademeschen Beräch bleift kann een och op der Universitët enseigner.

Organisatiounen, NGOs oder ASBLen

Am Sozialeberäch ginn net just Asistant:en Socialen gebraucht mee deelweis och leit déi méi aus den theoretschen Sozialwessenschaften wéi der Soziologie kommen. Sou kann een och bei soziale Organisatiounen oder Berodungsstellen – iwwerall do wou en em Sujeten bezüglech dem gesellschaftlechen Zesummeliewen gget – ennerkommen.

Externe & interne Kommunikatioun

Am Beräch Öffentlechkeetsaarbecht a Kommunikatioun schaffe Soziologen bei Pressebüroën, NGOs oder am Corporate Communications, well si verstéi wéi Kommunikatioun a gesellschaftlechen Zesammenhäng funktionéiert. An der Politik- a Sozialberodung berode si Regierungen, Parteiën oder Verbenner iwwer gesellschaftlech Entwécklungen a politesch Mesuren.



Ressources Humaines

Am Personalmanagement (HR) sinn Soziologen gefreet well si Organisationsstrukturen verstinn, Personalentwécklung begleede, an Diversitéitsmanagement maache kënnen. An der Maarktforschung a Konsumforschung analyséiere Soziologen Konsumverhalten, féiere Surveyën duerch, an identifizéiere Trends fir Firmen.

Ëffentlech Verwaltung

An der ëffentlecher Verwaltung fanne Soziologen Plaze bei Ministären, Gemengen, Sozialamter oder Gesondheetsämter, wou si u Policiën schaffen oder sozial Daten analyséieren. Am Bildungsberäich schaffe si an der Erwuessenebildung, bei Akademien, Stëftungen oder schaffe Bildungsprogrammer aus.

Journalismus a Medien

Am Journalismus a Medien bringe Soziologen hir analytesch Fäegkeeten an, besonnesch am investigativen oder Wissenschaftsjournalismus, wou si sozial Themen erkläre kënnen. NGOs an international Organisationsen brauche Soziologen fir Entwécklungszesummenaarbecht, Mënscherechtsaarbecht, oder humanitär Projeten ze ënnerstëtzen.

Berodung

Berodungsfirmer stellen och Soziologen un, besonnesch fir Organisationsentwécklung, Change Management oder Diversitéitsberodung. An der Kultur- a Kreativwirtschaft fanne Soziologen Plazen bei Museeën, Kulturbüroën, Kulturmanagement oder Veranstaltungsorganisatioun.



6.3. Introduktions-Literatur a Politikwëssenschaft

Op Däitsch

Abels, H. (2007). Einführung in die Soziologie. VS Verlag für Sozialwissenschaften.
<https://doi.org/10.1007/978-3-531-90595-2>

Joas, H., & Knöbl, W. (2004). Sozialtheorie: Zwanzig einführende Vorlesungen (1. Aufl., Originalausg). Suhrkamp.

Korte, H., & Schäfers, B. (Eds). (2016). Einführung in Hauptbegriffe der Soziologie. Springer Fachmedien Wiesbaden. <https://doi.org/10.1007/978-3-658-13411-2>

Schäfer, A. (2010). Die Folgen sozialer Ungleichheit für die Demokratie in Westeuropa. Zeitschrift für Vergleichende Politikwissenschaft, 4(1), 131-156.
<https://doi.org/10.1007/s12286-010-0075-9>

Op Franséisch

Boudon, R., & Fillieule, R. (2018). Les méthodes en sociologie (14e éd). Que sais-je?

Fillieule, R. (2026). Une introduction à la sociologie. Presses Universitaires de France.

Mocellin, P. (2022). Introduction à la sociologie: Auteurs, courants, méthodes, grands thèmes. Ellipses.

Singly, F. de, Giraud, C., & Beraud Martin, O. (2016). Apprendre la sociologie par l'exemple (3e éd). Armand Colin.

Op Engelsch

Browne, K. (2019). An introduction to sociology (5 Edition). Polity Press.

Fulcher, J., & Scott, J. (2011). Sociology (4th ed). Oxford University Press.

Giddens, A., & Sutton, P. W. (2021). Essential concepts in sociology (Third Edition). Polity Press.

Murji, K., Neal, S., & Solomos, J. (Eds). (2026). An introduction to sociology (Second edition). Sage Publications.



6. Soziologie




Bild-Quell: Wikipedia

7.1. Medien- & Kommunikationswissenschaften als Fächer

D'Medien- a Kommunikatiounswëssenschaft gëtt oft als Studiegang an der Kombinatioun von dësen zwou Fachrichtungen ugebueden. Allerdings kann een dës Fächer och eenzel studéieren oder an enger anerer Kombinatioun of beispilsweis zesummen mat Kulturwëssenschaften. Vu Medien- a Kommunikatiounswëssenschaft déi gelefegsten oder op mannst mol emmer ee Fach vun dësen zwee eng Basis vun Alternativen Kombinatiounen duerstellt, wëlle mer dës zwee Fächer kuerz virstellen.

An der Kommunikatiounswëssenschaft gëtt sech mam Prozess vum Kommunizéieren – der Verstännegung teschenteneen, den Austausch vun Informationen, enger Verbindung – beschäftigt. D'Lasswell-Formel ass een Basismodell vun der Kommunikatiounswëssenschaft dat den Kommunikationsprozess un Hand vun fënef Schlëselfroen analysiert a gläichzäiteg och e gudden Abléck an dës wëssenschaftlech Disziplin bitt. D'Formel ass wéi follegt: „Wee seet wat durch wéi een Kanal zu weem mat wat wat fir enger Wierkung?“ (am original: Who says what in which channel to whom with what effect? Dës Formel illustéiert gutt déi ennerschittlech Aspekter mat deenen sech d'Kommunikatiounswëssenschaft ausernaner setzt. De „Wee seet“ ass d'Kommunikatorfuerschung, „wat“ ass d'Inhaltsfuerschung, „durch wéi een Kanal“ ass d'Medienfuerschung, „zu weem“ ass d'Rezeptionsfuerschung an „mat wat wat fir enger Wierkung“ ass d'Wirkungsfuerschung.



Während d'Kommunikationswissenschaft, dacks als empirisch Sozialwissenschaft ugesi gëtt, déi d'Prozesser vun der Kommunikatioun ënnersicht, ass d'Medienwissenschaft méi op d'Geschteswissenschaften a Kulturwissenschaften ausgeriicht a konzentréiert sech op d'Medien selwer. Also audiovisuel Mëttel a Prozeduren fir d'Verbedung von Informationen, Biller, Nachrichten etc. Mei genau ginn sech z.B. ugekuckt wéi Mediesystemer, Medieninhalte a Medienwirkungen funktionnéieren an wat fir Effekter se op Individuen, Gruppen vu Léit oder ganz Gesellschaften hunn. Hei puer Beispiller vun zentrale Froen vun der Medienwissenschaft: Wéi si Medien organiséiert? D'Struktur vu Mediesystemer, Medienkonzentratioun, oder öffentlich-rechtlich versus privat Medien. Wat fir Inhalte produzéiere Medien? Medieninhaltsanalysen, oder Framing vu Themen. Wéi benotze Mënschen Medien? Mediennotzungsverhalten. Wat fir Wirkungen hunn Medien op d'Meenungen an op d'Verhalten vu Menschen an enger Gesellschaft. Wéi verännere digital Medien d'Kommunikatioun? Sozial Medien, Digitaliséierung an nei Kommunikationsformen. An wéi hänken Medien a Politik, Wirtschaft a Kultur zesammen? Medien als véiert Gewalt, Medien an der Demokratie.

Et ass wichteg ze verstoen datt d'Medien- a Kommunikationswissenschaft méi theoreetesch a fuerschungsorientéiert ass wéi Journalismus. Während Journalismus praktesch ausbildt fir selwer Medieninhalte ze produzéieren, analyséiert d'Medien- a Kommunikationswissenschaft wéi d'Prozesser vu Kommunikatioun a Medien funktionnéieren. Vill Studiengäng kombinéieren awer béid Aspekter - theoreetesch Analyse a praktesch Kompetenzen. Dofir ass et hëllefreich sech bei der Studiensich den Opbau vum Studium an de Fokus vum jeweiligen Studiengang unzekucken.



7.2. Wat kann een domat schaffen?

E Studium a Medien- a Kommunikatiounswëssenschaft bitt vill berufleech Méiglechkeeten a ganz verschiddene Beräicher. An engem Studium an dësem Beräich ginn Kompetenzen vermëttelt wéi analytesch Denken iwwer Medien a Kommunikatioun sou wéi empiresch Fuerschungsmethoden. Allerdings ass et emmer vu Virdeel sech am Beräich vun Medien a Kommunikatioun seng Kompetenzen vun teshenschen Programmer a Plattformen selwer ze entwecklen oder ze léieren. Am folgenden ginn eenzel Beräicher an deenen een mat sou engem Studium schaffen kann, kuerz beschriwwen.

Medien a Journalismus

Dëse Bräich schénkt logesch, och wann d'Medien- a Kommunikatiounswëssenschaft net primär journalistesch ausbildt. Trotzdem schaffe vill Léit mat dësem Studien Hannergrond an der Medienindustrie oder am Journalismus, z.B. bei Print-Medien, Online-Medien, Radio, Fernseh, oder Noriichtenagenturen. Hei kann d'Arbescht je no Medium a Beräich ganz ennschittlech ausgesinn.

Extern a intern Kommunikatioun

D'Extern sou wéi intern Kommunikatioun fir z.B. Entreprises, national wéi international Organisatiounen, NGOs, Mistèren, oder Agenturen ass ee vun de gréisste Beräicher, wou Léit mat Studien aus Medien- a Kommunikatiounswëssenschaft Fouss fassen kënnen. Ennert anerem fallen Kriseenkommunikatioun an Eventkommunikatioun an dës Kategorie.

Marketing a Reklamm

Kompetenzen am Beräich vu Medien a Kommunikatioun sinn am Beräich vum Marketing a Reklamm hëllefräich. Potenziell Aarbecht wäert sou Saachen wéi Marketing Kampagnen entwéckelen, Online Marketing, Marktforschung a Konsumforschung, Brand Management, Social Media Management, Community Management, oder Content Creator a Influencer Marketing.



Fuerschung a Léier

Mat engem wëssenschaftlechen Studium huet een natierlech emmer d'Méiglechkeen an der Wëssenschaft ze bleiwen an fir eng Universitéit, e Fuerschungsinstitut oder a Think Tank ze schaffen.

Politesch Kommunikatioun

An der Politik sinn Léit mat Medien- a Kommunikatiounswëssenschaftlechem Hannergrond enneranerem och grefroot z.B. an der politescher Berodung, dem Wahlkampfmanagement, als Mataarbechter vu Politiker:innen, Parteiën, politesche Stëftungen, oder a Lobby-Organisatiounen.

Bildung a Training

E Studium an der Medien- a Kommunikatiounswëssen ass natierlech och eng gutt Basis fir spéider an d'Richtung Mediebildung oder Mediepädagogik ze goen. Wann een dëst wëll maachen soll een awer drun denken sech och am pedagogeschen Beräich ze forméieren oder ze kucken, datt dat och am Studium firkennt.



7.3. Introduktions-Literatur

Op Däitsch

Beck, K. (2017). Kommunikationswissenschaft (5., überarbeitete Auflage, Online-Ausgabe). UVK Verlagsgesellschaft GmbH.

Bentele, G., Brosius, H.-B., & Jarren, O. (Eds). (2013). Lexikon Kommunikations- und Medienwissenschaft. Springer Fachmedien Wiesbaden. <https://doi.org/10.1007/978-3-531-93431-0>

Burkart, R. (2021). Kommunikationswissenschaft: Grundlagen und Problemfelder einer interdisziplinären Sozialwissenschaft (6., verbesserte und ergänzte Auflage). UTB. <https://doi.org/10.36198/9783838557137>

Hickethier, K. (2010). Einführung in die Medienwissenschaft. J.B. Metzler. <https://doi.org/10.1007/978-3-476-00514-4>

Kunczik, M., & Zipfel, A. (2005). Publizistik: Ein Studienhandbuch (2., durchges. und aktualisierte Aufl). Böhlau. <https://doi.org/10.36198/9783838522562>

Noelle-Neumann, E., Schulz, W., & Wilke, J. (Eds). (2014). Fischer Lexikon Publizistik, Massenkommunikation (2. Auflage; aktualisierte, vollständig überarbeitete und ergänzte Auflage). Fischer Taschenbuch.

Pürer, H., & Bilandzic, H. (2003). Publizistik- und Kommunikationswissenschaft: Ein Handbuch (1. Aufl). UTB GmbH.

Röttger, U., Altmeyden, K.-D., & Klaus, E. (Eds). (2025). Kommunikationswissenschaft: Eine Einführung in die kommunikativen und medialen Grundlagen der Gesellschaft. Springer Fachmedien Wiesbaden. <https://doi.org/10.1007/978-3-658-44284-2>

Op Franseich

Bougnoux, D. (2001). Introduction aux sciences de la communication: La Découverte. <https://doi.org/10.3917/dec.bougn.2001.01>

Charaudeau, P. (2013). Les médias et l'information: L'impossible transparence du discours (Rev. ed). De Boeck Université.



Lafon, B. (Ed.). (2019). Médias et médiatisation: Analyser les médias imprimés, audiovisuels, numériques. PUG.

Maigret, É. (2022). Sociologie de la communication et des médias. Armand Colin.
<https://doi.org/10.3917/arco.maigr.2022.01>

Op Engelsch

Jensen, M. (1999). Passion and heart in transport—A sociological analysis on transport behaviour. *Transport Policy*, 6(1), 19–33. [https://doi.org/10.1016/S0967-070X\(98\)00029-8](https://doi.org/10.1016/S0967-070X(98)00029-8)

Klapper, J. T. (1957). What We Know About the Effects of Mass Communication: The Brink of Hope. *Public Opinion Quarterly*, 21(4), 453. <https://doi.org/10.1086/266744>

McQuail, D. (Ed.). (2006). *Mass communication* (1st ed). Sage Publications.

Shoemaker, P. J., & Reese, S. D. (1996). *Mediating the message: Theories of influences on mass media content* (2nd ed). Longman.

Watson, J. (1998). *Media Communication*. Macmillan Education UK.
<https://doi.org/10.1007/978-1-349-26546-6>



6. Journalismus



8.1. Journalismus als Fach

Journalismus ass d'professionell Sammele, Iwwerpräiwen, Auswälen, Bearbechten an Verbreiden vu Informatiounen iwwer aktuell Geschéinisse a Themen vu öffentlechem Interessi. Journaliste schaffen als Vermëttler tëschent der Realitéit an der Ëffentlechkeet, an hir Haaptopgab ass et, d'Gesellschaft ze informéieren, Transparenz ze schafen an eng öffentlech Diskussioun ze erméiglechen.

Journalismus huet verschidde wichteg Funktiounen an enger Demokratie. Hien informéiert d'Bierger iwwer wichteg Geschéinisse a Entwécklungen, kontrolléiert d'Muecht - also d'Politik, d'Wirtschaft an aner mächteg Institutiounen - duerch kritesch Berichterstattung, schafe Transparenz duerch Recherche a verdeckt Informatiounen op, bitt eng Plattform fir öffentlech Debatte vu verschiddene Meenongen, an ënnerhält d'Leit och mat Geschichten a Reports. Dëst gëtt och d'Wächterfunktioun vum Journalismus genannt - hien agéiert als "vierte Gewalt" nieft Legislature, Exekutive a Judikative



De Journalismus ënnerscheet sech a verschidden Aarte. Et gëtt den informéierende Journalismus mat Norichtensendungen, Reportagen a Berichten, den investigativen Journalismus mat tiefgrënneger Recherche a Décken vu Misstänn, de Meinungsjournalismus mat Kommentarer, Leitartikelen a Kritiken, de Servicejournalismus mat Rotschléi a praxeschen Informatiounen, a de Spezialjournalismus zu bestëmmte Beräicher wéi Sport, Kultur, Wirtschaft, Wëssenschaft oder Politik.

Wann een Journalismus studéiert, kombinéiert een theoreetesche Wëssen iwwer Medien a Kommunikatioun mat prakteschen Handwierkskompetenzen. Dat ass e wichtegt Charakteristikum vun dësem Studium – et ass ëmmer eng Mëschung aus Theorie a Praxis.

An der Theorie léiert een iwwer Mediesystemer a Mediestrukturen, also wéi d'Medienlandschaft an enger Gesellschaft organiséiert ass, iwwer Kommunikatiounstheorien déi erklären wéi Kommunikatioun funktionéiert an wéi Informatiounen verbreet ginn, iwwer Medieethik a journalistesche Standards wéi Objectivitéit, Quelletransparenz a Verantwortung, iwwer Medierecht mat Presserecht, Persounlechekeetsrechter a Datschutz, iwwer Medienwierkungsforschung déi ënnersicht wéi Medien d'ëffentlech Meinung beaflossen, an iwwer d'Geschicht vum Journalismus an der Medien.

Praktesch léiert een d'Recherchefähigkeiten wéi een Informatiounen sicht, Quellen iwwerpréift a Facts checkt, verschidden Darstellungsformen wéi Bericht, Reportage, Interview, Feature, Kommentar ze schreiwen, d'Technik fir verschidden Medien wéi Texter schreiwen, Radiobäitrag produzéieren, Videoreportage maachen, Online-Artikelen erstellen, Interviewtechniken wéi een Froen stellt, Gespréicher féiert an Aussoe kritt, digitale Kompetenzen am Ëmgang mat sozialen Medien, Multimedia-Storytelling, Datajournalismus, a Fotografie a Videoproduktion.



Praxissemestern, wou een enner realistesch Bedingunge schafft, zum Beispill an enger Studentezeitung oder engem Campusradio.

Duerch de Studium entwéckelt een eng ganz Rei wichteg Kompetenzen. Een léiert kritesch Denken an Hënnerfroen vu Quellen an Informatiounen, schnell a präzis schaffen enner Zäitdruck, komplizéiert Saachen verständlech erklären, objektiv bleiwen an verschidden Perspektiven berécksiichtegen, selbststänneg recherchieren an Themen opdecken, gutt mat Leit ëmgoen fir Informatiounen ze kréien, an etheschgerecht handeln an der Ofweeung tëscht öffentlichem Interessi a Perséinlechkeetsschutz.

Et ass wichteg ze verstoen datt Journalismus méi praxesorientéiert ass wéi Kommunikatiounswëssenschaft. Während d'Kommunikatiounswëssenschaft méi theoreetesch an analytesch ass an erfuerscht wéi Medien funktionéieren a wierken, ass de Journalismus fokusséiert drop selwer journalistesch ze schaffen a professionell Medieninhalte ze produzieren. Vill Universitëten bidden awer Kombinatiounsstudien un wou een souwuel theoreetesch Analyse wéi och praktesch Produktioun léiert.

Moies Aarbechtsfeld



8.2. Wat kann een domat schaffen?

No engem Journalismusstudium ka een a ganz verschiddene Beräicher schaffen. Kllassesch ass natierlech bei Printmedien wéi Zeitungen a Revuen, am Radio a Fernsehen bei öffentlich-rechtleche oder private Sendern, am Online-Journalismus bei Noriichtenportaler, Blogs oder digitale Magaziner, bei Noriichtenagenturen, a Pressebüroën vu Firmen oder Organisatiounen, am Beräich Public Relations an Ënnernehmenskommunikatioun, oder als fräischaffende Journalist.

De Journalismus steet haut virun neie Erausfuerderunge. D'Digitaliséierung verännert d'Aarbechtsweisen, Fake News an Desinformatioun musse bekämpft ginn, d'Geschäftsmodeller vun traditionelle Medien sinn ënner Drock, sozial Medien erféieren eng nei Form vum Journalismus, a Datajournalismus a visuell Storytelling ginn ëmmer méi wichteg. Dofir muss ee flexibel sinn a bereet permanenter weider ze léieren.



8.3. Introduktions-Literatur

Op Däitsch

Brinkmann, J. (2024). Journalismus: Eine praktische Einführung (2., aktualisierte und erweiterte Auflage). Nomos.

Grytz, M. (2025). EU-Journalismus: Ein Handbuch für Theorie und Praxis. Mit Beiträgen von EU-Korrespondent:innen. Springer Fachmedien Wiesbaden. <https://doi.org/10.1007/978-3-658-48280-0>

Kretzschmar, S., Sehl, A., & Nölleke, D. (Eds.). (2024). Innovationen im Journalismus: Theorien – Methoden – Potenziale? Springer Fachmedien Wiesbaden. <https://doi.org/10.1007/978-3-658-45321-3>

Osing, T. (2022). Digitaler Journalismus in der Praxis: Grundlagen von Onlinerecherche, Storytelling und Datenjournalismus. Springer Fachmedien Wiesbaden. <https://doi.org/10.1007/978-3-658-39105-8>

Op Franséisch

Cognat, C., & Viailly, F. (2020). Le journalisme en pratique: Les bases du métier. Presses universitaires de Grenoble. <https://doi.org/10.3917/pug.solid.2020.01>

Laville, C. (2010). Les transformations du journalisme de 1945 à 2010 (1^{re} éd.). De Boeck Supérieur. <https://doi.org/10.3917/dbu.lavil.2010.01>

Marthoz, J.-P. (2018). Journalism international: De Boeck Supérieur. <https://doi.org/10.3917/dbu.marth.2018.01>

Muhlmann, G. (2017). Du journalisme en démocratie: Essai (2^e éd., avec une préface inédite). Klincksieck.

Op Engelsch

Detrani, J. R. (Ed.). (2021). Journalism: Theory and practice. Apple Academic Press.


Löffelholz, M., & Rothenberger, L. (2026). Handbook of Journalism Theories (1st edn). Palgrave Macmillan.

McKane, A. (2009). Journalism: A Career Handbook. Bloomsbury Publishing.

Tilton, S. (2026). Writing multimedia journalism: A step-by-step guide to 21st century journalistic practice (Second edition). Palgrave Macmillan.



9. Interdisziplinär Studien



9.1. Interdisziplinär Studien als Fächer

Interdisziplinär Studien kombinieren verschidde Fächer oder Disziplinen an engem Studium. An de Politik- a Sozialwëssenschaften heescht dat datt een net nëmmen Politikwëssenschaft studéiert, mee och z.B. Ekonomie, Soziologie, Philosophie, Geschicht oder aner Sozialwëssenschaften derbäi kombinéiert. Dës interdisziplinär Approche ass besonnesch sënnvoll fir en gréissert Vertsändnis vu komplexe gesellschaftleche Sujeten ze entwécklen.

Firwat interdisziplinär Studien?

D'Realitéit ass komplex - politesch, ekonomesch, sozial a kulturell Faktoren hänken enk zesummen. E rengen disziplinäre Bléck ass dacks ze limitéiert fir déi ganz Komplexitéit ze erfaassen. Beispiller: wann een Aarmut verstoen wëll, braucht een ekonomesch Analyse (Akommes, Aarbechtsmaart), soziologesch Perspektiv (sozial Ongléchheten, Exklusioun), politikwëssenschaftlech Usicht (Sozialpolitik, Wohlfahrtsstaat), an eventuell psychologesch oder anthropologesch Aspekter fir e vollen Abléck an dëse Sujet ze kréien.



Interdisziplinär Studien léieren ee méi flexibel ze denken, verschidden Theorie- a Methodenansätz ze kombinéieren, komplex Problemer aus verschiddene Wénkelen ze belichten, breet ze denken anstatt enk spezialiséiert, besser ze verstoen wéi verschidden Beräicher zesummenhänken, an adaptiv ze sinn fir verschidden Aarbechtskontexten.

Beispiller vun interdisziplinäre Studieprogrammer

PPE (Philosophy, Politics and Economics)

Dëst ass ee vun de bekanntsten interdisziplinäre Programmer, ursprénglech vun Oxford, awer elo un ville Universitéite weltwäit. Komponenten: Philosophie (politesch Philosophie, Ethik, Erkenntnistheorie), Politikwëssenschaft (politesch Systemer, international Bezéiungen, politesch Theorie), an Ekonomie (Mikroökonomie, Makroökonomie, Ekonomesch Theorie). Zil: Verstoe vun de philosophesche Grondfroen (Gerechtegkeet, Fräiheet, Demokratie), de politeschen Institutionen a Prozesser, an de ekonomesche Mechanismen. Typesch Froen: Wéi soll Wuelstand verdeelt ginn? Wéi funktionéiert Mäert a wat si hir Grenzen? Wéi legitiméiere sech politesch Entscheidungen?

Sozialwëssenschaften (z.B. un der HHU Düsseldorf)

Hei gëtt et breet Sozialwëssenschaft-Programmer déi verschidde Disziplinen kombinéieren. Komponenten: Soziologie, Politikwëssenschaft, Kommunikatiounswëssenschaft, Medienwëssenschaft, eventuell Psychologie oder Pädagogik. Zil: Breet gesellschaftswëssenschaftlech Ausbildung déi sozial Strukturen, politesch Prozesser, an Kommunikatiounsdynamiken zesummen belicht. Fokus: Verstoen vu Gesellschaft als Ganzt, net nëmmen aus enger Perspektiv.

Politik a Gesellschaft / Politik a Wirtschaft

Vill Universitéite bidden Kombinatiounsprogrammer un. Komponenten: Politikwëssenschaft + Soziologie, oder Politikwëssenschaft + Volkswirtschaftslehre (VWL). Zil: Politesch Entscheedungen verstoen am Kontext vu wirtschaftleche Faktoren oder sozialen Dynamiken.

European Studies / International Studies

Dës Programmer kombinéieren och verschidde Disziplinen. Komponenten: Politikwëssenschaft, Geschicht, Recht, Ekonomie, Kulturwëssenschaften, mat Fokus op Europa oder international Relatiounen. Zil: Verstoen vun europäescher Integratioun oder globale Prozesser aus verschiddene Perspektiven.



Governance and Public Policy

Komponenten: Politikwëssenschaft, Public Administration, Recht, Economie, Sozialwëssenschaft. Zil: Fokus op d'Gestalt vu Policies a Regéierungsarbeit, kombinéiert politesch Analyse mat praktesche Governancefroen. Nachhaltigkeitswëssenschaften / Sustainability Studies Komponenten: Ëmweltwëssenschaften, Soziologie, Economie, Politikwëssenschaft, Ethik. Zil: Verstoen vu Nachhaltigkeit als komplex Problem dat ökologesch, sozial, ekonomesch a politesch Dimensiounen huet.

Global Studies / Development Studies

Komponenten: Politikwëssenschaft, Soziologie, Anthropologie, Economie, Geschicht, mat Fokus op Entwécklungslänner a Globaliséierung.

Zil: Global Ongléchheten, Entwécklungsprozesser, an international Zesummenarbeit verstoen.

Kulturwëssenschaften / Cultural Studies

Komponenten: Soziologie, Literaturwëssenschaft, Geschicht, Philosophie, Medienwëssenschaft, Anthropologie.

Zil: Verstoen vu Kultur, Identitéit, Representatioun, Macht a Gesellschaft. Peace and Conflict Studies Komponenten: Politikwëssenschaft, Soziologie, Psychologie, Recht, Anthropologie, Geschicht. Zil: Konflikter analyséieren a Fridensprozesser verstoen aus verschiddene Perspektiven.

Vir- an Nodeeler vun interdisziplinäre Studien

Virdeeler

Breet Kompetenzen - een huet e méi komplette Bild vu Gesellschaft a Politik. Flexibilitéit - ee kann a ville verschiddene Beräicher schaffen. Problemléisungskompetenz - een ass gewinnt komplex Problemer aus verschiddene Wénkelen unzegoen. Innovatioun - nei Léisunge entstinn dacks un de Grenzen tëschent Disziplinnen. Adaptéierbar - een ass net op ee spezifesch Berufsfeld fixéiert. Modernitéit - vill aktuelle gesellschaftlech Erausforderunge brauche interdisziplinär Approche (Klima, Digitaliséierung, Migration).

Nodeeler

Manner Déift - een ass net esou déif spezialiséiert an enger Disziplin wéi Leit déi nëmmen Soziologie oder nëmmen Economie studéiert hunn. Identitéitsfro - munchmol ass et schwéier ze soen "ech sinn Soziologe" oder "ech sinn Ekonom" - een ass "e bësse vun allem". Unerkennung - am akademesche Beräich ginn etabléiert Disziplinnen nach ëmmer méi unerkannt wéi interdisziplinär Programmer. Méi Effort - een muss sech a ganz verschidden Theorie- a Methodenansätz aféieren, wat méi ustrengend ka sinn. Jobsuche - munchmol sinn Stelleausschreibe ganz spezifesch ("Soziologe gesicht") an een muss erklären firwat een och qualifizéiert ass.



9.2. Wat kann een domat schaffen?

Politik a öffentlech Verwaltung

An de Ministèren an an de Regierungsinstitutionen ginn oft breet Kompetenzen, gebraucht fir komplex Problemer kompetent ze analyséieren. Och an den EU-Institutionen an internationale Organisationen ass interdisziplinärt Denken oft gefrot, well d'Erausfuerderunge selten just eng eenzeg Disziplin ubelaangen. An Think Tanks souwéi an der politescher Berodung profitéiere Analysen a Strategieentwécklung besonnesch dovun, wa verschidde Perspektiven zesummekommen. An der Politikberodung sinn ausserdeem PPE-Absolventinnen a Absolventen besonnesch gefrot, well si duerch hire Studium gewinnt sinn, ekonomesch a politesch Zesammenhäng zesummen ze denken.

Berodung

An der Berodung fënnt een och vill Méiglechkeeten. An der Strategieberodung sichen Entrepreneuren Leit, déi breet denke kënnen an sech séier a verschidde Problemstellungen erafannen. Am Public Sector Consulting geet et drëms, Regierungen an öffentlech Verwaltungen kompetent ze beroden. Sou een Thema wär z.B. d'Noohaltegkeetsberodung oder d' zukünfteg Organisationsberodung.

NGOs an international Entwéklungszesummenaarbecht

An NGOen an der internationaler Entwéklungszesummenaarbecht ginn ähnlech Kompetenzen gebraucht. Bei internationalen NGOen erfuerderen komplex Entwéklungsprojeten Leit, déi sozial, ekonomesch a politesch Zesammenhäng zesumme kënnen verstoen. Bei den UN-Organisationen brauche verschidden Agenturen interdisziplinär Expertise, fir hire villfältig Missiounen gerecht ze ginn. An der Advocacy- a Kampagnenarbecht, sief et fir sozial Gerechtegkeet, Mënscherechter oder Ëmweltschutz, ass et wichteg, komplex Zesammenhäng ze verstoen an iwwerzeegend ze vermëttelen. A bei den humanitären Organisationen brauch et souwuel bei der Krisenhëllef wéi och an der Entwéklungszesummenaarbecht Leit, déi flexibel a breet denke kënnen.

Fuerschung

An der Fuerschung ginn et och interessant Weeër. Un den Universitëiten, besonnesch un interdisziplinäre Fuerschungszentren, kann een sech wëssenschaftlech mat komplexe Froestellungen ausenansetzen. An de Fuerschungsinstituter, wéi Think Tanks oder Akademien, ginn ähnlech Froen ugaangen, wa se sech mat komplexe gesellschaftleche Themen befaassen. An der Evaluatioun vu Programmer schliisslech geet et drëms, sozial, politesch oder ekonomesch Programmer kritesch ze bewäerten an hir Wierkung fundéiert anzuschätzen.



Enseignement

Am Enseignement secondaire kann een och sännvoll ënnerkommen, mat engem breet opgestallte, interdisziplinäre sozialwëssenschaftlechen Hannergrond, deem et erlaabt, komplex gesellschaftlech Zesammenhäng den Schüler a Schülerinnen zougänglech ze vermëttelen.

Wirtschaft

An der Wirtschaft ginn et och verschidde spannend Beräicher. Bei der Corporate Social Responsibility brauche Firmen Leit, déi Noohaltegkeet, sozial Verantwortung a Business ënnerteneen kombinéiere kënnen. Am Public Affairs geet et drëm, de Kontakt tëscht Firmen a Politik respektiv Gesellschaft ze pflegen an ze gestalten. An der Personalentwécklung, virun allem an der HR mat Fokus op Diversitéit an Organisatiounskultur, ass e breede Bléck op sozial Dynamike gefrot. A schliisslech geet et beim Nachhaltegkeetsmanagement drëms, ESG-Strategien, also ekologesch, sozial a Gouvernance-bezunnene Ustrengungen, kohärent an ëmzesetzen.

Medien a Kommunikatioun

An de Medien an der Kommunikatioun bidden sech och verschidden interessant Weeër. Am Journalismus, besonnesch an der wirtschafts- oder politikjournalistescher Aarbecht, profitéiert een enorm vun enger interdisziplinärer Ausbildung. An de Politikredaktiounen ass et virun allem d'Analyse vu politesche an ekonomesche Geschéinisser, déi am Mëttelpunkt steet. An am Wëssenschaftsjournalismus schliisslech geet et drëms, komplex Themen verständlech an zougänglech un e breet Publikum ze vermëttelen.

International Relatiounen a Diplomatie

An de Beräicher Internationale Relatiounen a Diplomatie fënnt een och interessant Perspektiven. An den Ausseministèren an den Ambassade geet et ëm déi eigentlech diplomatesch Aarbecht, wou e breede Bléck op politesch a kulturell Zesammenhäng onverzichtbar ass. An internationale Organisatiounen ewéi der UN, der Weltbank, dem IWF oder der WTO ass interdisziplinäert Verständnis genee esou gefrot, fir de komplexe globale Erausforderungen gerecht ze ginn. An der Friddens- a Konfliktaarbecht schliisslech, sief et an der Mediatioun oder der Konfliktprevention, brauch et e fundéiert Gespier fir sozial, politesch a kulturell Dynamiken.



Sozial- a Ëmweltberäich

Am Sozial- an Ëmweltberäich ginn et och verschidde spannend Weeër. An der Sozialpolitik geet et drëms, Sozialsystemer sënnvoll a gerecht ze gestalten. D'Ëmweltpolitik kombinéiert ökologesch, ekonomesch a sozial Aspekter, wat e breede Bléck iwwer d'Disziplinnen eraus erfuerdert. A bei der Stadentwécklung, sief et an der Urban Governance oder der Stadplanung mat sozialer Komponent, geet et drëm, verschidde gesellschaftlech Bedierfnesser an eng kohärent Gesamtvisioun ze bréngen.

Ënnerscheed zu reng disziplinäre Studien

Wat den Ënnerscheed zu reng disziplinäre Studien ugeet, gëtt et op béide Säiten hir Virdeeler an Nodeeler. Bei enger reng disziplinärer Ausbildung, wéi zum Beispill an der Soziologie oder an der Politikwëssenschaft, profitéiert een vun enger déiwer Expertise an enger staarker disziplinärer Identitéit, souwéi vu méi staarke Verbindunge bannent dem eegene Fachberäich, wat och eng akademesch Carrière méi einfach maache kann. Och wa vill Sozialwëssenschaften am Verglach mat aneren wëssenschaftleche Beräicher schonn en däitlech méi interdisziplinäre Usatz hunn, schaffen déi meescht Studiegäng a Fächer awer nach ëmmer mat enger fachspezifischer Perspektiv. Doduerch ass een an esou engem Studiegang zwar méi breet opgestallt wéi an enger streng monodisziplinärer Ausbildung, mee bleift trotzdem manner flexibel wéi bei engem wierklech interdisziplinäre Studiegang, an um Aarbechtsmarché ausserhalb vum eegene Fach kann d'Palette u Méiglechkeeten dowéinst éischter limitéiert bleiwen.

Bei enger interdisziplinärer Ausbildung, wéi zum Beispill PPE oder Sozialwëssenschaften, ass een dogéint méi breet a flexibel opgestallt, huet vill verschidden Optiounen op an ass besonnesch gutt fir d'Léisung vu komplexe Problemer gewappent, wat an haut senger moderner Aarbechtswelt a ville Beräicher gefrot ass. Als Nodeel kann een awer manner Déift an enger eenzeger Disziplin opweisen, muss dofir bei Bewerbungen d'Vielfalt vu senger Kompetenzen aktiv erklären, an huet eventuell manner eng "kllassesch" fachlech Identitéit.



Tipps fir Succès mat interdisziplinäre Studien

Fir mat enger interdisziplinärer Ausbildung erfollegräich ze sinn, gëtt et e puer Tipps déi ee sech zu Häerz huele sollt. Well een breet ausgebilt ass, soll een sech ëmsou méi zousätzlech Fäegkeeten uneegnen, wéi zum Beispill an der Datenanalyse mat Programmer wéi SPSS, R, Stata oder Excel, awer och am Projetmanagement, a Sproochen, souwéi an der Kommunikatioun an der Presentatioun.

Stagen sinn dobäi nach méi wichteg wéi bei reng disziplinäre Studien, well se erméiglechen, déi breet Kompetenzen an der Praxis ze verankeren. Et bitt sech och un, am Bachelor breet auszubilden an sech dann am Master e bëssen méi ze fokusséieren, sief dat z.B. op Nachhaltegkeet, Entwécklung oder Europa.

D'Netzwerken an de Kontakt zu verschiddenen Beräicher sinn dobäi genee esou wichteg, wéi eng kloer Erklärungsbereetschaft bei Bewerbungen, fir ze weisen wat een ka a firwat d'interdisziplinär Ausbildung en ausgeprägten Virdeel duerstellt.

Zu gudder Lescht sollt een ee kloere "roude Fuedem" fir seng eege Geschicht entwéckelen: firwat huet een dës Kombinatioun gewielt, wat sinn seng Stärkten, a wou wëll een higinn. Dëst hëlleft ganz besonnesch bei Bewerbungsgespréicher.



10. Stagen



Stagen si crucial an de Studienberäicher vu Politik- a Gesellschaftswëssenschaften, well dës Fächer net direkt op ee spezifischen Beruff preparéieren, mee breet Kompetenzen vermëttelen. Duerch Stagen kritt ee praktesch Erfahrung, léiert d'Berufsrealitéit kennen, an baut wichteg Kontakter op. Duerch Stagen fënnt een eraus wat een wierklech interesséiert an wou een sech spéider gesäit. Et léiert een konkreet Fäegkeeten déi am Studium net vermëttelt ginn (Software, Aarbechtsweisen, Kommunikatioun am Team). Kontakter um Arbeschtsmarché kënnen spéiderhinn och bei der Jobsich immens hëllefreich sinn. Ouni praktesch Erfahrung ass et daks schwéier no dem Studium e Job ze fannen. Vill Pläazen erwaarden bei der Candidatur relevant Stageserfahrung

Am Idealfall verdeelt een d'Stagen iwwer de ganze Studium. Am Bachelor – et ass gutt mindestens 1-2 Stagen ze maachen, gär an de Summervakanz oder als Praxissemester wann dat am Studieplan virgesinn ass. Am Master – méi spezialiséiert Stagen déi zum eegene Profil passen, eventuell och am Ausland. No dem Studium, muss munchmol nach Stagen maachen fir an e gewëssene Beräich eranzekomm, awer dat sollt een eréischt no dem Master maachen. Vill Studiprogrammer hu verpflichtend Praktika ageschtaf, typescherweis 6-12 Wochen, awer méi Stagen fräiwëlleg ze maachen ass emmer recommandéiert.



10.1. A wéi enge Beräicher kann een Stagen maachen?

Politik a Verwaltung

Am Beräich Politik a Verwaltung bidden sech vill verschidde Méiglechkeeten un. Bei de Ministären a Regierungsinstituter kann ee Stagen bei nationale Ministèreen, wéi dem Ausseministère, dem Sozialministère oder dem Wirtschaftsministère, maachen, awer och bei europäesche Institutiounen wéi der EU-Kommissioun, dem EU-Parlament oder dem Conseil de l'Europe, bei internationale Organisatiounen wéi der UNO, der UNESCO oder der OECD, souwéi bei Ambassaden a diplomatesche Verriedungen. D'Aufgabe bestinn dobäi dacks aus Rechercheaarbecht zu politesche Themen, der Preparatioun vu Sätzungen a Dokumenter, der Analys vu Policies, der Mataarbecht u Rapporten, an dem Kontakt mat Stakeholder. An de Gemengen an der kommunaler Verwaltung, sief dat an Biergermeeschterbüroen oder a Departementer fir Urbanismus, Sozialwesen oder Kultur, kritt ee praktesch Aabléck an d'kommunal Politik an d'Verwaltungsarbecht. Am Landesparlament, am Bundestag oder am EU-Parlament kann ee Stagen bei Abgeordneten oder Fraktiounen maachen, wou ee bei der Recherche hëlleft, Redeentwurf schreift, Sätzunge begleet an direkt dobäi ass, wéi politesch Entscheedungen getraff ginn. Och bei Parteien a politesche Stéftungen, wéi zum Beispill der Konrad-Adenauer-Stiftung, der Friedrich-Ebert-Stiftung oder der Heinrich-Böll-Stiftung, kann ee Stagen maachen a schafft do u Kampagnen, Evenementer, Recherche an Bildungsarbecht.

NGOs, Verbänner a Zivilgesellschaft

Och an NGOen, Verbänn an der Zivilgesellschaft ginn et interessant Méiglechkeeten. Bei internationale NGOen, wéi Amnesty International, Greenpeace, Oxfam, dem WWF, Ärzte ohne Grenzen oder Transparency International, kritt ee bei Stagen dacks Aabléck an d'Kampagnenaarbecht, an d'Advocacy, an d'Mënscherechts- oder Ëmweltschutzarbecht, an och an d'Fundraising. Bei nationale Verbänn a Gewerkschaften léiert een iwwer Interesseverriedung, Lobbyarbecht a sozial Themen. A bei Denk-Tanks a politesche Berodungsinstituter, déi politesch Analysen a Studien maachen, hëlleft ee bei Recherchen, bei der Datenanalys an dem Schreiwe vu Rapporten.

Medien a Kommunikatioun

Am Beräich Medien a Kommunikatioun kann ee bei Zeitungen, Revuen an Online-Medien journalistesch Stagen maachen, wou ee recherchéiert, ënner Uleitung Artikelen schreift, Interviewen féiert a Redaktiounssätzunge begleet. Bei Radio a Fernsehen kann ee a Redaktiounen, besonnesch an de Beräicher Politik, Gesellschaft oder Kultur, Aabléck an d'Produktiounsprozesser kréien, Bäitrag schreiwen a Material schneiden. An PR- a Kommunikatiounsagenturen, déi Ënnerhiemskommunikatioun, PR oder politesch Kommunikatioun maachen, schafft ee u Kampagnen, Pressemeldungen a Social-Media-Strategien. A bei Pressebüroen vu Firmen oder Organisatiounen kann ee bei der internen Kommunikatioun an de Public Relations hëllefen, Pressemeldungen schreiwen, Evenementer organiséieren a Mediekontakter fleegen.



Fuerschung

An der Fuerschung bidden Universitèiten a Fuerschungsinstituter Stagen a Fuerschungsprojeten, wou ee als Hëllefssassistent bei Professerer an der Datesammlung, der Literaturrecherche an der Analys hëlleft an och Seminarer assistéiere kann. Bei Think Tanks an Akademien, déi gesellschaftspolitesch Fuerschung maachen, kombinéiert ee akademesch Aarbecht mat politescher Berodung.

Wirtschaft a Berodung

An der Wirtschaft an der Berodung kann ee bei Berodungsfirmer, déi Regierungen oder Firmen zu Policy, Organisatiounsentswécklung oder Nachhaltegkeet beroden, u Projeten, Analysen a Presentatiounen zesummeschaffen. An an Ënnerhiemen kann ee Stagen am Beräich Corporate Social Responsibility maachen, wou Firme gesellschaftlech Verantwortung iwwerhuelen, am Public Affairs, wou de Kontakt mat Politik a Verwaltung gepflegt gëtt, oder am Personalwesen.

International Entwécklungszesummenaarbecht

An der internationaler Entwécklungszesummenaarbecht bidden Entwécklungsorganisatiounen wéi d'GIZ, d'KfW Entwicklungsbank, Caritas International oder Misereor d'Méiglechkeet, u Projeten an Entwécklungslänner oder an der Zentral matzeschaffen. A bei humanitären Organisatiounen, wéi dem Roude Kräiz oder UN-Organisatiounen wéi UNHCR an UNICEF, kritt ee bei Stagen Abléck an d'humanitär Hëllef a Kriseregionen.

Kultur a Bildung

Och an der Kultur an der Bildung ginn et Méiglechkeeten: an Museeën a Kulturinstituter kann ee Stagen an der Bildungsarbeit, der Ausstellungsorganisatioun oder dem Kulturmanagement maachen, an an der Erwuessenebildung an der politescher Bildung, zum Beispill a Volkshochschulen, Akademien oder Bildungszentren, organiséiert ee Seminaren, Workshops oder Evenementer.



10.2. Wéi fënnt een eng gutt Stage?

Fir eng gutt Stage ze fannen, gëtt et verschidde Weeër. Universitätsbörsen, déi vill Universitëiten als Praktikumsbörsen oder Jobportaler ubidden, sinn eng gutt Ufanksplaz, genee wéi Online-Portaler wéi Praktikum.info, Jobware, StepStone, LinkedIn oder europäesch Stage-Portaler wéi EURES. Et ka sech och lounen, direkt bei Organisatiounen oder Institutiounen, déi engem interesséieren, eng Initiativbewerbung ze schécken. Netzwierken, andeems ee Professeren, Alumni oder Kommilitonen freet, ob si Kontakter oder Tipps hunn, kann och hëllefen, genee wéi de Karrieredéngscht vun der Uni, deen an de meeschte Fäll beroden a Kontakter vermëttelen kann. Zu gudder Lescht si Fachmessen an Events, wéi Karrieredäg oder Firmepräsentatiounen un der Uni, och eng gutt Geleeënheet fir sech ze informéieren.

10.2. Wéi fënnt een eng gutt Stage?

Bei der Wiel vun enger Stage sollt ee op verschidden Aspekter oppassen. Bei engem obligatoresche Stage ass et sënnvoll sech am viraus iwwert d'Modalitéiten ze informéieren domatt dat herno och korrekt ugerechent ka ginn. Wat d'Bezuelung ugeet, ginn et Ennerscheeder no Land an deem ee säi Stage, hei lount et sech emmer am viraus iwwert déi jeeweileg rechtlech Regelungen ze informéieren. Zu Lëtzebuerg gi grondsätzlech Stagen ab 4 Wochen bezuelt, fir wéi der Informatiounen fënnt een op der Websäit vun der CSL (<https://www.csl.lu/de/ihre-rechte/jugendliche-und-junge-arbeitnehmer/praktikum-fuer-schueler-studenten/>).

Fir eng iwwerzeegend Demande ze maachen, brauch et e gutt Motivatiounsschreiwes, dat kloer mécht firwat een sech fir dës Stage interesséiert a wat een matbréngt, e strukturéierte Liewenslaf mat Studium, fréiere Stagen an Engagementer, an weideren eventuelle Referenzen. Stagen am virus plangen ass wichteg, well vill Stagen, besonnesch bei EU-Institutiounen oder grouse Firmen, laang Bewerbungsfriste vun dräi bis sechs Méint viru Start hunn. All Demande sollt individuell op d'Organisatioun ugepasst sinn a keng Standardbewerbung sinn. A wann een no zwee bis dräi Wochen näischt héiert, kann een roueg nofroen, ob d'Demande ukomm ass.

Vill Organisatiounen ginn hire gudden Satgiaren no dem Studium eng Astellung oder halen de Kontakt fir spéider. Stagen si sou dacks d'Dier an eng Organisatioun, besonnesch wann een motivéiert ass, gutt schafft a sech integréiert. A och wann een net direkt iwwerholl gëtt, hëlleft d'Referenz an de Kontakt immens bei der spéiderer Jobsich



Erausginn vun

Association Luxembourgeoise des Étudiant·e·s en Sciences Politiques et Sociétales (ALESPS)

2, avenue de l'Université, L-4365 Esch-sur-Alzette

Websäit
alesps.lu

Email
contact@alesps.lu

Instagram
[alesps.lu](https://www.instagram.com/alesps.lu)

Facebook
[ALESPS.lu](https://www.facebook.com/ALESPS.lu)

WhatsApp
[ALESPS-Grupp](#)

RCS
F15030

Redaktioun
Félix Laures